Lëtzebuerger Guiden a Scouten

Lëtzebuerg, den 29. September 2017

# Communiqué de presse

## Verbandskongress 2017 vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten: E neit Team un der Spëtz fir di nächst dräi Joer

**E Mëttwoch, de 27. September 2017 hunn sech 250 Chef a Cheftainen an der aler Seeërei zu Dikrech fir de Verbandskongress 2017 vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten getraff. De Kongress stoung dëst Joer ganz am Thema vun de Wale vum neien Team, dat aus dem Commissaire général a sengem Adjoint zesummegesat gëtt. Nom Aktivitéitsrapport vun den eenzele Branchen a vun den Aarbechtsgruppen hunn sech déi zwee Teamer, déi d'Kandidatur gestallt hunn, mat hirem Programm fir déi nächst dräi Joer virgestallt. De Verbandskongress huet gewielt an dat neit Team besteet aus dem Anouk Galassi, Commissaire générale an dem Yves Marchi, Commissaire général adjoint.**

*„Schwätz mat. Deng Meenung zielt.“* Ënnert deem Motto stoung an deene leschten dräi Joer d'Mandat vum Michèle Meyer a Fränz Duhr, déi vun 2014 bis 2017 d'Team gebilt hunn. An dëser Zäit ass vill am Verband geschafft ginn, virun allem am Aarbechtsgrupp „Statutenännerung“ an an der RAP-Ekipp (Renewed Approach to Program), déi d'Branchemethoden nei iwwerschafft. Ervirzehiewen ass den internationale Camp Go|Urban um Kierchbierg, wou iwwert 4000 Guiden a Scouten sech getraff hunn. Während 10 Deeg hunn d'Participanten ee flotte Programm gebuede kritt, dee ganz ënner der Iddi vun der Nohaltegkeet a vun der participativer Approche stoung.

D'Anouk Galassi, Commisaire generale, seet: *“Den Yves Marchi an ech hu schonn di dräi lescht Joer als Commissaire fir Gruppen zesumme geschafft. Mir wäerten eis an deenen nächsten dräi Joer ënner anerem fir einfach a kloer Kommunikatiounsweeër, eng méi zougänglech a flexibel Formatioun an e Programm “to go” op lokalem Niveau, asetzen”.*

**Einfach a kloer Kommunikatiounsweeër**

D'Prioritéiten leien hei bei der Kommunikatioun tëschent dem Verband an de lokale Gruppen an tëschent deenen eenzele Verbandsgremien. Deem neien Team läit awer och um Häerz weider de Kontakt mat de Frënn a Partner ze fleegen an ze erweideren.

**Zougänglech a flexibel Formatioun**

Iwwer di läscht dräi Joer ass aktiv um RAP geschafft ginn. Dës Aarbechte befannen sech lo an der Endphase an och d'Formatioun vun der Lëtzebuerger Guiden a Scouten sollen deem néie Programm ugepasst ginn. Et soll och aktiv dru geschafft ginn, dass d'Formatioun attraktiv fir d'Chef ass, mam Ziel d'Unzuel vun de Participanten an d'Luucht ze setzen.

**En "to go" Programm op lokalem Niveau**

Och dëse Programm soll dem RAP ugepasst ginn. Hei steet d'Iwwerschaffe vun de Branchemethode ganz uewen op der Lëscht. Et wäerten Aarbechtsgruppe gebilt gi, fir e Programm pro Branche auszeschaffen, mam Zil de Chef op lokalem Niveau d'Aarbecht ze vereinfachen. Och d'Digitalisatioun ass e wichtegt Thema, sou soll iwwer déi nächst Méint d'online Aktivitéitsbox verbessert ginn, an sou e méi einfachen Austausch tëschent de verschiddene Gruppen erméiglechen.

Den Yves Marchi, Commissaire général adjoint, ergänzt *: "Mir wäerten di gutt Viraarbecht wat de RAP ugeet an och aner Aktivitéite betreffend weiderhin ënnerstëtzen, am Ziel dat gewënschte Resultat ze erreechen."*

D'Lëtzebuerger Guiden a Scouten wëllen op dësem Wee och nach eng kéier dem Michèle Meyer an dem Fränz Duhr fir hier Aarbecht Merci soen a wënschen dem Anouk Galassi an dem Yves Marchi vill Erfolleg fir di nächst dräi Joer.

Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**

**Iwwer d’Lëtzebuerger Guiden a Scouten**

D’Lëtzebuerger Guiden a Scouten sinn de gréissten edukative Jugendmouvement zu Lëtzebuerg. Eis Missioun ass et, déi Jonk dorop virzebereeden, spéiderhi Responsabilitéit fir sech a fir anerer z’iwwerhuelen. An deem Sënn bidden eis motivéiert Fräiwëlleg de Jonken en oppene Kader, wou jiddereen aktiv matmaachen a matbestëmmen dierf.

*Fir mech, fir dech, fir eis, fir jiddereen*

Zesummen a Gruppe kann all Eenzele flott Erfarunge maachen, Frëndschafte schléissen, sozial Fäegkeete léieren an sech perséinlech weider entwéckelen. Bei den LGS léieren déi Jonk d’Natur ze respektéieren, iwwer sech selwer an hiert Ëmfeld nozedenke fir sech spéider aktiv, och fir anerer, anzesetzen.

**Kontakt:**

Matthieu Schmit
Chargé de direction LGS
Tel.: 26 94 84
matthieu.schmit@lgs.lu